E puer Tipps fir gutt virzeliesen

Sich e passende Textpassage aus. Wiel eng Textstell aus, an där och eppes passéiert. Ee schéine Liestext brauch nämlech Spannung an Witz. Ze laang Beschreiwungen si fir deen, dee nolauschtert net wierklech interessant. Kuck lo schonn wéi vill Zäit s de zur Verfügung hues: fir des Challenge sinn et tëscht 2 Minutten 45 Sekonnen an 3 Minutten 30 Sekonnen.

Bereet däin Text vir. Markéier déi Plazen am Text, wou s du wëlls eng Paus man fir et spannend ze maachen. Markéier dir déi schwéier Wierder oder Nimm. Markéier och d'direkt Ried mat verschiddene Faarwen, fir dass du beim Virliesen deng Stëmm e bësse variéieren kanns.

Lies haart an däitlech. Huel dir Zäit, schwätz däitlech a net ze séier. Gëff de Leit, déi dir nolauschteren Zäit, sech an deng Geschicht eranzefillen.

Lies lebendeg. Versich ze betounen, awer net iwwerdriwwe virzeliesen. Besonnesch interessant wierkt et, wann s du bei der direkter Ried deng Stëmm upass. Sou erkennt een all d'Persoune besser rëm, vun deenen s de erziels.

Maach Pause beim Liesen. Um Enn vum Saz muss deng Stëmm e bëssen erofgoen, fir ze weisen dass de Saz eriwwer ass, maach kuerz gezielt Pausen. Dat schaaft Opmierksamkeet bei deem, dee nolauschtert a mécht Spannung.

Lies fléissend. Ee gudde Virlieser brauch ëmmer e bësse Virbereedungszäit. Lies däin Text e puer mol roueg fir dech duerch, fir dass de déi schwéier Stellen schonn am Virfeld kenns. Dat hëlleft der, duerno beim definitive Virliesen, den Text flësseg ze presentéieren.